N°2638
Luxembourg, le 22.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.07.2025
Chambre des Députés

FRAKTIOUN CSV

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8
Référence : 476/25
23 JUIL. 2025
A traiter par
Copie à

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 22. Juli 2025**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsministesch weiderzeleeden.

A Frankräich ginn all Joer ronn 200.000 Hënn a Kazen ausgesat, besonnesch an der Summervakanz. Dofir huet de franséische Landwirtschaftsministère rezent ënnert dem Hashtag #StopAbandon eng national Sensibiliséierungskampagne lancéiert. Et sollen och méi strikt Kontrolle gemaach ginn. An Däitschland verbitt dann och d'Gesetz et, Déiren auszesetzen oder zréckzeloossen, fir him lass ze ginn oder fir sech der Halter- oder Betreierflicht ze entzéien. Och hei ze Lëtzebuerg ginn iwwert d'Summerméint vill Hausdéieren op d'Strooss gesat. Dofir sinn d'Déierenasyler dacks iwwerfëllt. An deem Kader wëll ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Ass der Regierung bekannt, wéivill Hausdéieren hei zu Lëtzebuerg all Joer ausgesat ginn?
- Kristalliséiert sech eng Tendenz an der Entwécklung vun de Fäll eraus?
- Sinn an der Summervakanz speziell Moossnamen oder Kontrollaktiounen virgesinn?
- Gedenkt d'Regierung, eng Sensibiliséierungscampagne hei am Land ze lancéieren, fir ze verhënneren, datt an de Summerméint ëmmer nees Hënn a Kazen ausgesat ginn?
- Ass gewosst, wéivill fräi Plazen grad iwwer de Summer an den Déirenasyler sinn fir eventuell esou Déiren opfänken a versuergen ze kënnen?
- Wat sinn d'Strofe fir de Proprietaire, dee säin Hausdéier aussetzt?

Här President, ech bieden Iech, main déifste Respekt unzehuelen.

**Octavie Modert, Députéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2638 vum 22. Juli 2025 vun der éierewäerten Deputéiert Octavie Modert**

1. **Ass der Regierung bekannt, wéivill Hausdéieren hei zu Lëtzebuerg all Joer ausgesat ginn?**

Et gi keng genee Zuelen dozou wéi vill Hausdéieren zu Lëtzebuerg all Joer ausgesat ginn. A ville Fäll ass et och net eendeiteg ze klären op d'Déier wierklech ausgesat gouf.
Den Déierenasyl Gasperech schätzt, datt se an der Moyenne 10 Hënn d'Joer hunn fir déi sech kee Besëtzer mellt. Bei de Kazen ass d'Zuel méi héich, am Joer 2024 waren 217 sougenannte Fundkazen an den Asyl Gasperech erakomm, vun deenen der nëmmen 39 rëm zréck bei de Proprietär gaange sinn. Bis Enn Juni 2025 waren et bis elo 86 Fundkazen, woubäi der 16 bei de Proprietär zréckgaange sinn.

2. **Kristalliséiert sech eng Tendenz an der Entwécklung vun de Fäll eraus?**

D'Asyler gesi keng Tendenz an der Entwécklung vun de Fäll.

3. **Sinn an der Summervakanz speziell Moossnamen oder Kontrollaktiounen virgesinn?**
4. **Gedenkt d'Regierung, eng Sensibiliséierungscampagne hei am Land ze lancéieren, fir ze verhënneren, datt an de Summerméint ëmmer nees Hënn a Kazen ausgesat ginn?**

De Landwirtschaftsministère lancéiert 2x/Joer eng Campagne fir d'Leit iwwert déi Thematik ze informéieren an ze sensibiliséieren, dëst virun der grousser Vakanz a viru Chrëschtdag.

5. **Ass gewosst, wéivill fräi Plazen grad iwwer de Summer an den Déirenasyler sinn fir eventuell esou Déiren opfänken a versuergen ze kënnen?**

D'Kapazitéit fir ausgesaten Déieren opzehuelen hänkt vun der gesamter Kapazitéit vum jeeweilegen Asyl an den zum Zäitpunkt vum Fanne vum Déier of. Den Asyl Gasperech probéiert Plaze fir Fonddéieren fräi ze hunn, wat am Summer méi einfach ass wéi am Wanter, well d'Ausleef bei waarmen Temperature kënne besat ginn.

6. **Wat sinn d'Strofe fir de Proprietaire, dee säin Hausdéier aussetzt?**

Den Art.12 3. vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 verbitt « de lâcher ou d'abandonner, dans l'intention de s'en défaire, un animal apprivoisé dont l'existence dépend des soins de l'homme ». Bei engem Verstouss ass eng Prisongsstrof vun 8 Deeg bis 3 Joer an/oder eng Geldstrof vun 251 bis 200.000€ am Gesetz virgesinn.

Lëtzebuerg, den 11. August 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau